N°8269
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 30.08.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

Leit, déi eng Deierungszoulag (allocation de vie chère) ufroen, si verflicht dem nationale Solidaritéitsfong déi integral Revenue vun hirem Stot matzedeelen. Op Guichet.lu kënnen d'Leit nokucken, bis zu wéi engem Plaffong si kënne vun däser Hëllef profitéieren a wéi eng Forme vun Akommes si bei der Berechnung am Eenzele musse berécksiichtegen. Indemnitéiten, déi een am Kader vun enger fräiwëlleger Aktivitéit, beispillsweis als Arbitter am Sport ausbezuelt kritt, ginn net genannt.

Esou wéi et mir zougedroe gouf, gouf e Bierger allerdéngs lo genee mat där Fro konfrontéiert a gebieden, ze motivéieren, firwat hien seng Indemnitéit aus dem Benevolat bei senger Demande bis ewell net mat uginn hat.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Sozialminister gär dës Froe stellen:

1) Zielt eng Indemnitéit, déi een am Kader vun engem Benevolat bezuelt kritt, zum Akommes vun engem Stot, wann een d'Deierungszoulag ufreet? Falls jo, kann den Här Minister da preziséieren, op wéi enger legaler Grondlag an a wéi engem Wuertlaut dës bis ewell op MyGuichet genannt gëtt? Ass gegeebenefalls dru geduecht, fir d'Beschreiwung vun de Krittäre bei der Deierungszoulag ze iwwerschaffen, fir Mëssverständnesser ze vermeiden?
2) Kann den Här Minister matdeelen, op déi genannt Indemnitéit am Sënn vun der Fro virdru bei enger Demande fir de Revis ze berécksiichtegen ass, vu, datt dës op MyGuichet aktuell och hei net genannt gëtt?
3) Hält den Här Minister et allgemeng fir ubruecht, esou Indemnitéiten am Kader vu Sozialleeschtungen ze verrechnen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°8269
Entrée le 06.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**Äntwert vum Familljen- an Integratiounsminister op d'parlamentaresch Fro N°8269 vum Deputéierte Fred Keup iwwert d'Berechnung vun der Deierungszulag a vum Akommes fir sozial Inklusioun (REVIS)**

**Ad Fro 1**

Den Artikel 4 vum Reglement du Gouvernement en conseil vum 25. November 2022 relatif à l'octroi d'une allocation de vie chère au titre de l'année 2023 gesäit folgendes vir:

*« Est considéré comme revenu annuel global au sens de l'article 3 ci-dessus, l'ensemble des revenus bruts dont la communauté domestique a disposé pour une période de référence de 12 mois précédant le mois de l'introduction de la demande en obtention de l'allocation et du complément auprès du Fonds national de solidarité.*

*Sont notamment pris en compte pour la détermination des revenus de la communauté domestique:*

- *le revenu provenant d'un travail régulier ou généralement d'une activité professionelle quelconque;*
- *les revenus de remplacement dus au titre de la législation luxembourgeoise ou étrangère;*
- *les revenus de biens mobiliers et immobiliers;*
- *les rentes et pensions;*
- *les allocations ou prestations touchées de la part d'un organisme public ou privé, à l'exception des allocations familiales, de l'allocation de rentrée scolaire et de l'allocation de naissance;*
- *les pensions alimentaires."*

Am Artikel 4 ass de Prinzip festgehal, datt all Zorte vu Revenuen ze considéréieren sinn. Dat Wuert "Revenu" englobéiert all méiglech Akommen vun deenen e Stot ka Bénéficiairen, onofhängeg dovun ob ee se aus engem Salaire, enger Indemnitéit oder aus Kapitalerträg zitt. An deem Sënn ass déi Opzielung, déi den Artikel 4 mécht, och nëmmen exemplativ an déi eenzeg Akommen déi ausgeschloss sinn an där Opzielung, an déi also nët considéréiert gi, sinn d'Kannergeld, d'Schoulufankzoulag an d'Gebuertenzoulag. Indemnitéiten wéi déi vum Arbiter si vum Text net ausgeschloss.

**Ad Fro 2**

Den Artikel 9 vum ëmgeännerte Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert de REVIS gesäit eng ähnlech Formulatioun fir d'Berechnung vun de Revenuen vun deenen e Stot bénéficiéiert vir.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

**Ad Fro 3**

Déi Fro stellt sech an deem Kontext nët well am Prinzip nët gekuckt gëtt wat den Origine vun enger Indemnitéit ass fir se mat an d'Berechnung vun de Revenuen ze huelen, ausser et handelt sech eben em déi Allocatiounen déi vum Text ausdrécklech ausgeschloss sinn.

Eng Obschlësselung vun de Revenuen en Fonctioun vun der Aart vun der Aktivitéit fir déi se bezuelt ginn géing och riskéieren dem Gläichheetsgrondsatz ze widderspriechen.

Lëtzebuerg, den 06.10.2023

De Minister fir Famill an Integratioun

(s.) Max Hahn